
DEMOKRATESCH
PARTEI
WELL ET ËM
MUER GEET.
Mir investéieren an d'Zukunft
vun de Mënschen.

# Staark Familljen. Staark Kanner.

D'DP setzt eng Reform ëm, déi d'Realitéit vun eiser Gesellschaft vun haut erëmspigelt. Familljen a Kanner ginn iwwer déi nächst Jore geziilt entlaascht, an et gëtt effikass Ënnerstëtzung fir déi Leit, déi et am meeschte brauchen.

1. **En eenheetlechen a gerechte Steiersystem vun 2028 un.** Mat enger eenzeger Steierklass gëtt jiddereen d'selwecht behandelt, egal ob bestuet oder net. Et gëtt keng finanziell Turbulenze méi bei Schicksalsschléi a Scheedungen, an duerch eng laang Transitiounsphase verléiert keen eppes.

2. **Steierlech Virdeeler fir Famillje mat Kanner.** Duerch en Abattement vu 5.400 Euro d'Joer pro Kand ënner 3 Joer.

3. **Erhéijung vum Kannergeld vun 2027 un.** Ëm 45 Euro fir Kanner bis 12 Joer, an ëm 60 Euro fir Kanner iwwer 12 Joer.

4. **Eenheetlech a méi gënschteg Präisser fir all Forme vu Kannerbetreiung.** Duerch eng Reform vum Chèque-service, mat där d'Elteren ëm 79 Milliounen Euro entlaascht ginn.





**Claude MEISCH,**
Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend



**Max HAHN,**
Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

Donieft suergt d'Demokratesch Partei fir sozial Gerechtegkeet an d'Bekämpfung vun der Aarmut zu Lëtzebuerg:

1. **Sozial Upassung vun den Tarifer vun der Kannerbetreiung.** 29 Stonne gratis fir Eltere mat engem Salaire bis 3 mol de Mindestloun.

2. **Cibléiert Hëllef fir Kanner am Schoulalter.** Mat bis zu 3.000 Euro d'Joer pro Kand a fir Famillje mat klengem Akommes.

3. **Bekämpfung vun der Altersaarmut.** Mat enger Primm fir eeler Leit mat klengem Akommes, déi bis zu 2.400 Euro d'Joer ausmécht.

4. **Vereinfachten Zougang zu finanziellen Hëllefe fir bedürfteg Leit a Familljen.** Mat eenheetleche Critèrë fir den Accès zu direkt e puer Aidë beieneen, déi dann och méi einfach, méi séier an, a verschiddene Fäll, automatesch kënnen ausbezuelt ginn.

900 Milliounen Euro d'Joer fir eng Steierreform, déi all Familljemodell respektéiert an de Leit Stabilitéit gëtt. 250 Milliounen Euro d'Joer fir eng Erhéijung vum Kannergeld an dobäi eng Familljepolitik, déi d'Eltere méi staark finanziell ënnerstëtzt. 300 Milliounen Euro d'Joer fir eng bezuelbar Kannerbetreiung.

D'DP steet fir **eng modern, gerecht Gesellschaft,** an där d'Liewe bezuelbar bleift an d'Zukunft fir jiddereen op ass.

# Är Deputéiert an der Chamber



**Hannen:** Luc EMERING · Barbara AGOSTINO · Marc HANSEN · Corinne CAHEN · Patrick GOLDSCHMIDT

**Mëtt:** Carole HARTMANN · Gusty GRAAS · Mandy MINELLA · Gérard SCHOCKMEL · Simone BEISSEL Guy ARENDT

**Vir:** André BAULER · Gilles BAUM · Lydie POLFER


**Demokratesch Partei**
**Groupe parlementaire**

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel.: 22 41 84 1
Fax: 47 10 07

**dp@dp.lu**
**www.dp.lu**